ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Januar 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den den Här Justizminister an un den Här Minister fir bannescht Sécherheet weiderzeleeden.

Queesch duerch d'Welt, an Europa an och zu Lëtzebuerg gëtt iwwer d'Meenungsfräiheet op de soziale Netzer diskutéiert, dëst dacks mat der Intentioun dës Fräiheet ze encadréiere wann net esou guer anzeschränken.

Dowéinst wéilt ech den Häre Ministeren dës Froe stellen:

1) *Wéi definéiert, wann iwwerhaapt, d'Regierung dës Begréffer:*
   - *Meenungsfräiheet*
   - *Incitatioun*
   - *Incitatioun zum Haass (juristesch: „incitation à la haine")*
   - *Volleksverhetzung (mat senge Komponente „Vollek" an „Hetze")*
   - *Haass*
   - *Haassried (am engleschem: „hate speech")*
2) *Op wéi enger rechtlecher Basis berouen dës Definitiounen? Wéi eng Artikelen aus dem Code pénal an anere Gesetzer gi vun der Justiz benotzt fir Infraktiounen an dësem Beräich festzestellen an eventuell ze verfollegen?*
3) *Wou zéien déi Häre Ministeren d'Grenz tëschent der Meenungsfräiheet an engem Opruff zum Haass?*
4) *Gesinn déi Häre Ministeren eventuell d'Gefor vun enger Verletzung vum Mënscherecht op Meenungsfräiheet duerch déi aktuell Bestriewunge géint sougenannten „Haasverbriechen" virzegoen?*
5) *Wat ass an den Aen vun der Regierung eng Kritik un enger anerer Persoun oder engem Grupp vu Persounen, déi vun der Meenungsfräiheet gedeckt ass, an enger Kritik déi net vun der Meenungsfräiheet gedeckt ass? Wou ass also fir d'Regierung d'Grenz tëschent enger – hirer Meenung no - nach erlaabter Meenung an enger supposéiert net méi erlaabter Meenung? Wat sinn déi genee Critèren?*
6) *Gouf et eng Formatioun fir Riichter an dem Beräich? Wa jo, wat war de Contenu vun där Formatioun? Kënnen déi Häre Ministeren der Chamber déi Materialien zur Verfügung stellen, déi bei esou Formatioune benotzt goufen, inklusiv alle benotzten Definitiounen a beschriwwene Situatiounen (Fallbeispiller)?*
7) *Wéi vill Plainte goufe bis elo bei der Justiz wéinst Incitatioun zum Haass abruecht a wéi eng Suite kruten déi ? Wéi vill Leit goufe bis elo wéinst engem sougenannten Haassverbrieche veruerteelt a fir wat fir eng Aussoe genee?*

8) *Wéivill Leit an der Police an an der Justiz si mat der Verfolgung vun esou genannten « Haassverbrieche » beschäftegt? Iwwerwaacht d'Police vu sech aus déi sozial Medien a wa jo mat wéi enge Mëttelen an opgrond vu wéi enge Gesetzer?*

9) *Wëll d'Regierung der Chamber e Gesetzprojet zum Thema "Haassverbrieche" presentéieren? Wa jo, wéini an zu wéi engem Zweck? Oder ass d'Regierung der Meenung dat déi aktuell Gesetzer, inclusiv dem Pressegesetz an dem Deontologiecodex vun de Journalisten, duerginn fir eventuell grave Dériven z'ënnerbannen?*

10) *Gesäit d'Regierung d'Gefor vun enger Meenungsdiktatur zu Lëtzebuerg? Ass et eventuell méiglech datt duerch d'Verfolgung vu sougenannten Haassverbriechen, sou wéi sech dat am Ableck entwéckelt, Lëtzebuerg um Wee kéint sinn, fir sech a Richtung vun enger ageschränkter Demokratie ze entwéckelen amplaz datt eis Institutiounen d'Fräiheet an d'Grondrechter vun de Bierger, inklusiv deem op Meenungsfräiheet resolut verdeedegen?*

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser

Deputéierten